

Här Buergermeeschter,
léif Membere vum Schäfferot,



A senger Sëtzung vum 2. März 2018 huet de Gemengerot eestëmmegeg eng «Opposition formelle» géint d'Implantatioun vun enger Steewollfabrick um Territoire vun der Gemeng Suessem formuléiert an ugeholl.

Gemäss dem Artikel 25 vum Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, erlaabt eis Äerch an der Sëtzung vum nächste Gemengerot folgend Froen ze stellen:

- 1) Wat war den Inhalt respektiv d'Resultat vun de Gespréicher tëschent de Schäfferéit vun Déifferdeng a Suessem an dem/de Responsabele vum Grupp KNAUF?
- 2) Den aktuelle PAG vun der Gemeng Suessem, deen den 02/07/2004 vum Inneminister an den 17/11/2006 vum Ëmweltminister approvéiert gouf, baséiert nach ëmmer op der gesetzlecher Grondlag vum Gesetz vum 12. Juni 1937 iwwert den « Aménagement des villes et autres agglomérations ».

Ass de Schäfferot bereet, zesumme mam Büro Zeyen& Baumann a gegebenefalls och juristesch ofzeklären, awéiwäit et machbar ass fir esou séier ewéi méiglech eng Modification ponctuelle vum aktuelle PAG ze maachen an eng Zone de servitude « urbanisation » op d'national Aktivitéitszone « Parc Industriel Pafewee îlot 'Est' » dropzeleeën (ze superposéieren), z.B. eng Servitude « urbanisation – qualité de l'air »? An esou enger Servitude kéint een eventuell ee Seuil fir ee maximalen Äusstouss vun gesondheits- an ëmweltschiedlechen Ofgasen ewéi NO_x, SO₂, CO₂ an Ammoniak fir déi ganz uewe genannten Zone festhalen.

An der Définition vum der Zone de servitude « urbanisation » heescht et: « *Les zones de servitude «urbanisation» comprennent des terrains situés dans les zones urbanisées, les zones destinées à être urbanisées ou dans les zones destinées à rester libres. Des **prescriptions spécifiques** sont définies pour ces zones dans le plan d'aménagement général **aux fins d'assurer la sauvegarde de la qualité** urbanistique, ainsi que **de l'environnement naturel** et du paysage d'une certaine partie du territoire communal.*

Eiser Meenung no gehéiert d'Loft fir ze ootmen zum « environnement naturel ».

D'Begrënnung fir esou eng Servitude « urbanisation – qualité de l'air » ass deemno fir déi problematesch Loftqualitéit an dëser Regioun, déi bedingt ass duerch de Cumul vun den Ofgasen vun de schonn usässege Betriber, net weider ze verschlechteren an domat d'Gesondheet vu Mënsch a Natur ze schützen.

- 3) Ass de Schäfferot bereet fir an ee konstruktiven Dialog mat dem Wirtschaftsminister ze trieden an d'Propose ze maache fir zesumme mat dem Wirtschaftsministère ze kucken, wéi eng Industrië respektiv wéi eng Betriber besser fir dëse Site a Fro komme kéinten?

Fir déi gréng Suessem,

Bieles, den 28. März 2018,

Chantal FABER-HUBERTY

Gemengeréitin

Alain CORNÉLY

Gemengerot